ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Froen un den Här Gesondheetsminister an den Här Minister fir Klimafroen ze stellen.

Et geet ëm verschidden Aussoe vum Här Minister fir Klimafroen iwwer d'Mortalitéit duerch d'Loftverschmotzung.

An der Emissioun "Background" op RTL Radio vum 19. Januar 2019 huet den Här Minister Turmes, an der Debatt ronderëm den Dieselmotor, seng Aussoe vu virun zwee Joer (Januar 2017) net dementéiert, wou hien nach vu statistesch 300 ze fréien Doudesfäll duerch d'Loftverschmotzung, déi och duerch Dieselen zustane kéim, zu Lëtzebuerg geschwat hat (gemengt ass wuel an enger Referenzzäit vun engem Joer, well den Här Minister déi Zuel mat där zéngmol manner héijer Mortalitéit pro Joer duerch Accidenter – ongeféier 30 - verglach huet).

An där Emissioun vum 19. Januar 2019 huet hien nach vun 250 bis 300 Leit geschwat, déi géingen, duerch déi genannte Loftverschmotzung, ze fréi stierwen. Den Här Minister berifft sech op d'WHO an op déi Europäesch Ëmweltagence fir déi Behaaptung ze beleeën.

Am Ausland ginn esou Estimatiounen, respektiv Behaaptungen, awer ëmmer méi vehement bestridden, esouwuel aus mathematesch-statistesche Grënn, wéi och aus medezinescher Siicht. E Reportage op der däitscher ARD, deen esou Zweiwel rezent publizéiert huet, gesäit den Här Minister Turmes am Zesummenhank mat der Diskussioun ronderëm d'Dieselverbueter, déi den Interessie vun der Industrie géinge schueden.

Dowéinst wollt ech deenen Häre Ministeren dës Froe stellen:

1. Huet d'Regierung Statistiken iwwer d'Loftverschmotzung als Doudesursaach zu Lëtzebuerg? Wa jo, wéi vill Leit stierwe pro Joer zu Lëtzebuerg duerch d'Loftverschmotzung? Sinn esou Doudesfäll statistesch oder medezinesch als "fréizäiteg" ze betruechten a, wa jo, a wéi engem Mooss? Ass d'Loftverschmotzung als Doudesursaach dobäi kloer ze identifizéieren (also ouni aner gesondheetsschiedlech

Faktore – wéi zum Beispill d'Fëmmen, schlecht Liewensgewunnechten, an esou virun- ze berécksiichtegen)?

2. Kann den Här Minister fir Klimafroen déi Etüde vun der Europäescher Ëmweltagence nennen, op déi hie sech berifft, wann hie seet, datt zu Lëtzebuerg 250 bis 300 Leit géinge pro Joer ze fréi duerch d'Loftverschmotzung stierwen?

3. Wéi analyséiert den Här Minister fir Klimafroen den Zesummenhank tëschent der Automobilindustrie an där genannter Reportage op der ARD, déi hien als « ëmstridden » bezeechent huet? Wëll den Här Minister duerch seng Formuléierunge soen, datt de Reportage net objektiv gewiescht wär oder eventuell esouguer vun der Automobilindustrie beaflosst gewiescht wär? Wa jo, huet hien dofir Beweiser?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten